# DE FELIX 17

# IMPRESSUM

**EDITEUR**
Association des Cercles d'Études
Luxembourgeois a.s.b.l. (ACEL)
B.P. 63 | L-7201 Bereldange
Tél.: (+352) 691 42 05 39
www.acel.lu | contact@acel.lu

**REDAKTIOUN**
ACEL-Comité

**GRAFIK, LAYOUT**
Pat Faust

**OPLAG**
500 Exemplarer

**DROCKDATUM**
Dezember 2017

# INHALTSVERZEICHNIS


**Virwuert ........................................................... 01**

**Wien ass de Felix ? ............................................. 02**

- » De Felix presentéiert sech .......................................... 02

**ACEL's Joer 2017 ................................................ 04**

- » ACEL's Joer an Zuelen .............................................. 05
- » ACEL Kalenner ........................................................... 06
- » ACEL Comité .............................................................. 12

**Intercerclen 2017 ................................................. 16**

- » Fakten vun den Inter-Cerclen ...................................... 16
- » Kalenner 2017 ........................................................... 17

**Evenementer 2017 ............................................... 20**

- » Tournoi de Noël 2016 .................................................. 20
- » Relais pour la Vie ....................................................... 22
- » Student fir 1 Dag ........................................................ 24
- » De Studentebal ........................................................... 26
- » REEL 2017 .................................................................. 30



# VIRWUERT



Dir haalt grad déi éischt Editioun vum Felix am Grapp. Dësen ersetzt eis al Publikatioun de *Bob* a huet zum Zweck, iech e klenge Réckbléck op d'Aktivitéite vun der ACEL a senge Cerclen ze bidden. Dir fannt hei also en Iwwerbléck iwwert d'Kalennerjoer 2017, Artikelen zu deene wichtegsten Evenementer an déi eng oder aner lëschteg Anekdot aus deene leschten 12 Méint.

Vill Leit wäerten sech elo froen: „Wisou Felix?" Och dës Fro wäert sech beim Liese klären. Donieft gitt dir och endlech gewuer, wat déi eenzel Memberen aus dem Comité wierklech iwwert d'Joer zustane bruecht hunn.

Den ACEL-Comité wënscht iech vill Spaass beim Liesen, a seet jidderengem Merci, deen dëst Joer bei deenen eenzelen Evenementer dobäi war oder mat dofir gesuergt huet, datt dës konnte realiséiert ginn.

Charel Muller
President

# WIEN ASS DE FELIX ?

Et war emol e sonnegen Dag
Do huet sech d'ACEL op de Wee gemaach
Op Oochen sollt et goen,
Do sollt de Felix entstoen

An enger klenger Bar,
huet sech d'ACEL Plaz gemaach
Gläich sollten déi Al et bereien
Sech mat den Neien ewechzegeheien.

Drénke wollt dat Neit
Et huet d'Suen op den Dësch gehäit
Fir e puer Erdbeer-Limes
A vun iwwerall koum Gekeims

Do war och emol
Den Neien do,
deen sech Theiny nennt,
an d'Nimm vun de Leit net kennt.

Mam Felix wollt hie Rieden halen
A wollt en an Erënnerung behalen
Hien huet net laang gezéckt
A séier e Snap gedréckt

Eisen ale Papsi Bär,
Dee fiert sech gär duerch d'Här.
An hien du wollt och
Nach mat op d'Foto drop

Den Theiny, hie war duercherneen
A konnt net méi stoe wéi eng Eent
Op eemol war hie ganz eleng
Bis et war schonn hallwer eng

Mat voller Freed ass hie gerannt
Wou hien dobaussen huet erkannt
De Papsi v'run der Bar
Dem Felix ähnlech war

Leider konnt hien sech net verhalen
Wéi d'Gesiicht war vun deem Alen
Wéi hien op eemol gedenkt
Eise Papsi den Numm Felix schenkt.


Dësen Numm sollt net bleiwen
Fir eise Papsi ze beschreiwen
Eise ACELi ouni Numm
Koum bis ewell schlecht dovun

Iwwer dës flott Geschicht
schreift d'Nora e Gedicht
Fir datt och jidderee weess
Datt den ACELi elo Felix heescht

# ACEL'S JOER 2017

# AM IWWERBLECK

ACEL
de Studentevertrieder



44 CERCLEN

8 LÄNNER

8 COMITE VERSAMMLUNGEN

2 ASSEMBLEE GENERALES

1 ACEL MEETS CERCLE

13 CONSEILEN & KOMMISSIOUNEN

# D'ACEL'S-JOER 2017 AN ZUELEN

5 GROUSS EVENEMENTER

(RELAIS POUR LA VIE, STUDENT FIR 1 DAG, DE STUDENTEBAL, FOIRE DE L'ETUDIANT, TOURNOI DE NOEL)

18 ENTREVUE MAT PARTNER

11 STUDENT FIR 1 DAG REESEN

20 INTERCERCLEN

6 INTERVIEWEN

7 ENTREVUE MAM MINISTERE

4 PUBAKTIOUNE FIR DE STUDENTEBAL

16 STUDIENINFO AN LYCEEEN

2 KLAUSURTAGUNGEN

# ACEL KALENNER

## JANUAR

03 Ënnerschreiwen vum Kontrakt mat der Spuerkeess

04 Skype Regroupement Studentebal

06 Accord mam MDDI fir de gratis ëffentlech Transport

12 Interview Essentiel (ACEL)
Néijoerspatt vum MEN
Néijoerspatt vun der CSL

19 SI LRSL

20 SI Maacherlycée

24 BE CGJL

27 SI LCE
Entrevue Voyages Emile Weber (Sf1D)

## FEBRUAR

01 SI LGE

03 Conseil Supérieur de la Jeunesse

07 SI CNFPC
SI Athenée
CSEN

08 SI Fieldgen

10 Entrevue Luxemburger Wort (Guiden)

11 2. Comitésversammlung
Iessen mat der aAcel

13 Entrevue VDL (Studentebal)
Entrevue Munhowen
Commission Consultative Aide Financière

14 Entrevue Codex (Studentebal)

15 Don vum Tournoi un Hariko

22 Don vum Tournoi un d'Fondation Cancer

## MÄERZ

- **03** BE CGJL
- **04** SI Lycée du Nord
- **08** Entrevue Générale mam MESR
- **09** CSEN
- **10** SI Atert Lycée
- **10** Klausurtagung Oochen bis den 12. Mäerz
- **17** AG CGJL
- **18** Entrevue REEL
- **23** CSEN
- **25** SI LMRL
  REEL Versammlung
- **27** Entrevue BCEE
- **30** Comité de Suivi Stratégique RIFKIN

## OOFKIERZUNGEN*

| | |
|---|---|
| **AG** | Assemblée Générale |
| **BE** | Bureau Exécutif |
| **CGJL** | Conférence Générale de la Jeunesse du Luxembourg |
| **CSEN** | Conseil Supérieur d'Education National |
| **MDDI** | Ministère du Développement Durable et Infrastructures |
| **MEN** | Ministère de l'Education |
| **MTEESS** | Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie Sociale et Solidaire |
| **Sf1D** | Student fir 1 Dag |
| **SI** | Studieninfo |
| **VDL** | Ville de Luxembourg |
| **MESR** | Ministère de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche |

## ABRËLL

**01** SI LCD
Preparatioun Sf1D

**01** Relais pour la Vie
bis den 02. Abrëll

**03** Interview RTL (Sf1D)

**08** Sf1D Nanzëg

**10** Sf1D Maastricht(Guiden)

**11** Sf1D Frankfurt

**12** Sf1D Kaiserslautern

**13** Studentebal Versammlung
Sf1D Köln

**14** Sf1D Tréier

**15** Sf1D Stroossbuerg

**17** 3. Comitésversammlung

**18** Sf1D Bonn

**19** Sf1D Bréissel

**20** Sf1D Léck
Sf1D Oochen
House of Entrepreneuership
Afterwork

**21** Sf1D Karlsruhe
Sf1D Düsseldorf

**22** REEL Versammlung

**26** Commission Consultative Aide
Financière

**29** SI St. Anne

## MEE

**04** SI LTE

**05** Entrevue Luxemburger Wort

**10** Skype Regroupement
Studentebal

**11** Entrevue Garage Losch

**12** Conseil Supérieur
de la Jeunesse
Keelenowend mat der aAcel

**27** REEL Versammlung

**28** 4. Comitésversammlung

## JUNI

- **01** CSEN
- **10** 5. Comitésversammlung
  Balversammlung Studentebal
  ACEL Meets Cercles
- **12** Commission Consultative
  Aide Financière
- **16** 1. Pubaktioun (Studentebal)
- **17** Grillowend mat der aACEL
- **22** 2. Pubaktioun (Studentebal)
- **24** 3. Pubaktioun (Studentebal)
- **25** REEL Versammlung
- **29** Entrevue MTEESS
- **30** 4. Pubaktioun (Studentebal)

## JULI

- **05** Studentebal Preparatioun
  bis den 12. Juli
- **10** Entrevue Security Studentebal
- **12** Comité de Suivi Stratégique
  RIFKIN
- **13** Opbau Studentebal
  Eldoradio Eventnavigator
- **14** De Studentebal 2017
- **15** Ofbau Studentebal
  bis den 16. Juli
- **18** Entrevue VEW Bilan Sf1D
- **21** Debriefing Studentebal
- **22** REEL Versammlung
- **29** 6. Comitésversammlung
  Summer AG
- **31** Interview RTL (Rifkin)

## AUGUST

01 Akraafttriede vum gratis ëffentlechen Transport

03 2. Entrevue MDDI Gratis ëffentlechen Transport

04 REEL Versammlung

08 Studentebal Versammlung
Interview Eldoradio

14 Commission Consultative Aide Financière

25 Entrevue Pit Everling (RTL)
REEL Moderatioun

## SEPTEMBER

02 REEL Klausurtagung
bis den 03. September

07 D'ACEL plennert a säin neien Depot

08 After-Studentebal lessen mat der aAcel

09 Hiescht-Klausurtagung
bis den 10. September

13 Entrevue CMCM
Entrevue Codex

15 Pressekonferenz
Verlängerung vum Kontrakt mat Luxemburger Wort

21 REEL zu Köln/Bonn
bis den 24. September

## OKTOBER

09 Entrevue LASEL Tournoi de Noël

14 SI Athenée

16 Commission Consultative Aide Financière

19 Interview Wort (ACEL)
Comité de Suivi Stratégique RIFKIN

21 7. Comitésversammlung

## NOVEMBER

09 Foire de l'Etudiant
bis den 10. November
TIR Présentatioun (Rifkin)
After-Foire Cercle-Iessen

26 8. Comitésversammlung

27 Entrevue MTEESS
Entrevue Let's make it happen

## DEZEMBER

01 Conseil Supérieur de la Jeunesse

13 Commission Consultative Aide Financière

26 AG ACEL (Uni.lu Campus Belval)

27 Tournoi de Noël
bis den 28. Dezember

# ACEL COMITÉ



**Charel Muller**
President

**Soziologie**
Köln

VS

- Coordination Générale
- Rifkin
- REEL

- Kommandéieren
- Miss & Mister REEL
- Stuntman



**Laurent Heyder**
Vizepresident
Représentatioun

**Politikwëssenschaft**
Zürich

VS

- Rifkin
- Stagen
- Gratis ëffentlechen Transport
- Sponsore sichen

- Papa
- Kaffi machen
- Sech duerch d'Hoer fueren
- Felix



**Pol Lutgen**
Vizepresident
Informatioun

**Management**
Fribourg

VS

- Guiden
- Foire

- Ersatzgrafiker
- Fotograf
- Dépot



**Gilles Johann**
Vizepresident
Regroupement

**Publizistik an Kommunikatiounswessenschaft**
Wien

VS

- Studentebal

- Bicer futti maachen
- Niko



**Theo Biewer**
Sekretär

**Communication politique et lobbying**
Bréissel

VS

| | |
|---|---|
| » Rapporte schreiwen<br>» Newsletter zesumme setzen | » Metsche kaafen<br>» Kilometergeld encaisséieren<br>» Niko |



**Cindy Coelho**
Comitésmember

**Sciences du Langage**
Stroossbuerg

VS

| | |
|---|---|
| » Relais<br>» Studentebal Tournoi | » Dem Comité säin Franseisch verbesseren<br>» Presencen vun de Cerclen huelen |



**Mirko Mack**
Responsable Informatique

**Wirtschaftsinformatik**
Karlsruhe

VS

| | |
|---|---|
| » Programméieren<br>» Programméieren | » De Comité seng Wënsch erfëllen<br>» Fifi bei Setup |



**Jérôme Massard**
Trésorier

**Bauingenieur**
Lëtzebuerg

VS

| | |
|---|---|
| » Suen ausgin<br>» Budget géréieren | » Mat Rechnungen vollgehéit ginn |



**Joe Scholer**
Comitésmember

**VWL**
Wien

VS

» Studentebal
» Relais

» Protéinshakes mixxen



**Pascal Thinnes**
Comitésmember

**Bauingenieur**
Kaiserslautern

VS

» Studentebal
» Tournoi
» REEL
» Balcharte

» Snapchat
» Felix, Eugène, Patricia



**Tom Hetto**
Comitésmember

**Mechatronik an Informatiouns technik**
Karlsruhe

VS

» Rifkin
» GEZ
» Kartespill

» Ersatzinformatiker
» Kaartespill falsch bestallt
» Kaartespill richteg bestallt



**Nora Hansen**
Comitésmember

**Bauingenieur**
Kaiserslautern

VS

» Sf1D
» Guiden
» Facebook Posts

» an d'Vakanz goen
» De Comité mat Erdbeerlimes offellen



**Pol Eyschen**
Comitésmember

**Maschinnebau**
Zürich

| | VS | |
|---|---|---|
| » GFE<br>» Studieninfoen | | » Een iwwert den Duscht drénken |



**Jo Bauler**
Cooptéiert
**International Business - Financial Management**
Köln

| | VS | |
|---|---|---|
| » Compte iwerschaffen | | » REEL V-Mann |




**Nadja Poensgen**
Cooptéiert

**Droit**
Stroossbuerg

| | VS | |
|---|---|---|
| » Taxe d'Habitation | | » Affekot fir d'Comitésmemberen<br>» Melounen liwweren |



# Inter-Cerclen 2017





# INTERCERCLEN 2017

## 01 JANUAR

**27** bis 04 — **Ski CELB** CELB

## 03 MÄERZ

**04** — **Après-Ski Party** FRIBLETZ

**24** bis 25 — **Go South** CELM

**25** — **Route du Vin** ALUS

## 04 ABRËLL

**01** — **Swisscup** FRIBLETZ

**07** bis 09 — **Ugly Skiing Day** LSI

**26** bis 27 — **The Making of Ebbelwoi** LSRM

## 05 MEE

**12** — **BALELEC** AELL

## 06 JUNI

**02** bis 05 — **SAUFEST** LSW

**07** — **Beach volleyball** LSK

**24** — **SUMMERCUP** LSC

**25** — **Beachcup** ANESEC& ANELD

**29** — **Bonnympiade** ALESONTIA

**30** — **Vëlosheem rees** AELK

## 07 JULI

**01** Soccer-Golf
SLUF

## 08 AUGUST

**05** Winetasting
LSC



## 09 SEPTEMBER

**28 bis 30** Oktoberfest
LSM

## 10 OKTOBER

**06 bis 07** L-Ü-XI Rallye
LST



## 11 NOVEMBER

**11** Kölle Alaaf
LSC

**16** Tartes Flambées
ALUS

**22** Caférallye
AVL

**24** Pubcrawl
FRIBLETZ

**30** Badische Meile
AELK


JE N'ÉTUDIE PAS UNIQUEMENT MON LOOK
Avec **axxess UNIF,** vous profitez d'une carte Visa Classic, d'une carte de débit axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages. Pour garder votre look et faire de vos études une réussite.
Pour les étudiants de **18 à 30 ans :** conditions et infos sur **axxess.lu**
BANQUE ET CAISSE D'EPARGNE DE L'ETAT LUXEMBOURG
V PAY
axxess
axxess UNIF
100 % JEUNE. 100 % VOUS.
SPUERKEESS
Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome, 1, place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B 30775 **www.bcee.lu tél. (+352) 4015-1**

# TOURNOI DE NOËL '16

**Den Tournoi de Noël ass dat traditionellt Sportsevenement an der Chrëschtvakanz, organiséiert vun der ACEL. De 27. an 28. Dezember stoungen sech net manner wei 62 Equippen, aus de Membercerclë vun der ACEL, an dräi verschidde Sportaarten um Terrain géigeniwwer. Wie an de Jore virdrunner stoung deen éischten Dag Basket a Volleyball um Programm. Deen zweeten Dag war de Fussball un der Rei.**

Wéi d'lescht Joer ass den Tournoi duerch Zesummenaarbecht mat der LASEL zustane kommen, während d'ACEL fir d'Gedrénks gesuergt huet an d'Studentencercele vu Berlin, Innsbruck, Léck an Oochen den hongerege Studenten de Moo gefëllt hunn.

De Bilan vum Tournoi ware 5434,24 Euro Benefice déi integral gespent goufen. D´ACEL hat sech dëst Joer dann d´Fondation Cancer, Organisateur vum Relais pour la Vie an zoustänneg fir Kriibsfuerschung, an Hariko entscheet.





## RESULTATER

| VOLLEYBALL | BASKETBALL | FUSSBALL |
| --- | --- | --- |
| Freiburg | Wien | Baaschtnech |
| Lëtzebuerg | Köln | München |
| Saarbrécken | Baaschtnech | Montpellier |

## GESAMT RESULTAT

| 2 | 1 | 3 |
| --- | --- | --- |
| München | Oochen | Innsbruck |



# RELAIS POUR LA VIE

## D'LËTZEBUERGER STUDENTEN
### ZESUMMEN GÉINT DE KRIIBS

Den 1. an 2. Abréll huet nees de Relais pour la Vie, dee vu der Fondation Cancer organiséiert gëtt, statt fonnt. Och dëst Joer hat d'ACEL erëm eng Equipe ugemellt fir beim 24 Stonne Laf géint de Kriibs mat ze maachen. D'Equipe huet aus Ronn 40 Leefer aus de verschiddene Membercerclë bestanen a soumat hun och d'Lëtzebuerger Studenten en Zeeche vu Solidaritéit gesat.

Zousätzlech zu senger Presence um Relais pour la Vie, huet d'ACEL och en Don un d'Fondation Cancer gemaach. Dësen Don vu 2.717,12 EUR besteet aus der Halschent vun de Recette vum Tournoi de Noël. Déi aner 2.717,12 EUR sinn un de Projet Hariko gaangen, e Projet, dee Workshops an aner Aktivitéite fir Jonker ubitt.




## RELAIS POUR LA VIE

## FONDATION CANCER







## PROJET HARIKO

# STUDENT FIR 1 DAG

**Och dëst Joer huet et an der Ouschtervakanz rem geheescht sief Student fir 1 Dag.**

Zesumme mat eise Cerclen a Voyage Emile Weber hu mir an der Vakanz 11 verschidden Dagesreesen fir Schüler ugebueden, bei deene sie mol an d'Studenteliewe konnten era schnupperen. Während zwou Wochen an däer mir 227 Schüler dobäi hate, si mir mat hinnen iwwer 2.000 Kilometer gefuer, fir déi verschidden Universitéitsstied ze entdecken. Moies fréi ass et mam Bus vum Houwald a vun Ettelbréck aus lass gaangen an déi jeeweileg Stad.

De Programm war gutt gefëllt mat klenge Presentatioune vun der Uni a vum Cercle, wei och Besichtegung vum Campus. An der Mëttesstonn krut dunn jiddereen ee Maufel an der Mensa oder an engem traditionelle Restaurant z'iessen, ier et dann Nomëttes weider gaangen ass mat enger Visite vun der Stad. Zu gudder lescht gouf en dunn nach ee Patt am Stammlokal vum Cercle ier et zeréck op Lëtzebuerg goung.





# MERCI!

**Mir soe Voyage Emile Weber an eise Cerclë villmools Merci bei der Organisatioun vun dësem Event a mir freeën eis op d'Editioun 2018.**

**2017**

| | | | |
|---|---|---|---|
| **10.04** | Maastricht | **15.04** | Stroossbuerg |
| **11.04** | Frankfurt | **18.04** | Bonn |
| **12.04** | Kaiserslautern | **19.04** | Breissel |
| **13.04** | Köln | **20.04** | Oochen/Léck |
| **14.04** | Tréier | **21.04** | Karlsruhe |



# DE STUDENTEBAL

De 14. Juli stoung den traditionelle Studentebal 2017 um Programm. No ville Stonnen an der Organisatioun a Virbereedung sinn um 20h00 d´Entréen op der Wiss nieft dem P&R Bouillon opgaangen. Op 14 Comptoiren haten sech 31 Cerclë verdeelt fir, nieft normalem Gedrénks, de Visiteuren hier Special Drinks unzebidden. Zousätzlech dozou gouf et och e Grill fir dass keen hongereg de Site verloosse muss. Fir déi néideg Stëmmung hunn den "DJ M Double U" an "The Diamonds" gesuergt.






DE STUDENTEBAL


FRIBLETZ
& SLUF


ELSIC
10
4€
www.
lestle
.lu

# DE STUDENTEBAL AN ZUELEN

| | |
|---|---|
| 1 | STROUMAUSFÄLL |
| 4000 | VISITEUREN |
| 12 | PARTNER & SPONSOREN |
| 29 | ACEL CALLICOTEN |
| 2400 | VIRVERKAFSTICKETEN |
| 22 | ZAPANLAGEN |
| 30 | SPECIAL DRINKS |
| 369 KG | ÄIS |

| | |
|---|---|
| 825 $M^2$ | OPEN AIR |
| 1750 $M^2$ | ZELT |
| 650 M | GITTEROOFSPERRUNG |
| 222 | FIRBEREEDUNGSDEEG |
| 3640L | BEIER |
| 14 | COMPTOIREN |
| 31 | CERCLEN |
| 62 | STONNEN VUN ENGEM DUERCHSCHNETTS COMITÉSMEMBER UM SITE |

# REEL 2017



## 21.- 24. SEPTEMBER

**Aller Anfang ist schwer. Bei der Organisatioun vun der 33. REEL war et net anescht. Mee wat um Enn dobäi erauskënnt ass dat, wat zielt. E Réckbléck op 4 ofwiesslungsräich a flott Deeg zu Köln an zu Bonn.**

D'REEL zu Kaiserslautern ass eriwwer. De Stadionfraß aus dem Betzenberg grad ofgeschléckt, dunn huet et schon erëm geheescht: No der REEL ass virun der REEL. A sou stoung déi selwecht Fro am Raum wéi no all REEL: Wou gi mer dann d'nächst Joer hin? Do waren et e puer Léit vu Köln a vu Bonn, déi haten zwar net Jo gesot, mee awer och net Nee. D'ACEL ass ënner Drock komm, well en anere Kandidat war net a Siicht. A sou gouf et e puer Versammlungen, wou sech schlussendlech e puer Léit vu Köln a vu Bonn zesummefonnt hunn, déi sech der Organisatioun wollten unhuelen. No e puer Ulafschwieregkeete stoung dann den endgültege Comité. No ville Stonnen Organisatioun ass et den 21. September dunn endlech lass gaangen.



Fréi Moies sinn d'Busser dann zu Köln um Parking ugerullt. Aus onerkläerleche Grënn wollten al bekannt Busentreprisen net méi matmaachen, a sou war et dëst Joer Voyages Vandivinit (oder Vandinivit?) déi direkt mat zwee Doppeldecker ugetruede sinn. En oppent Geheimnis ass et dann och, datt de Fiederwäissen sech no der REEL riicht, a sou konnten och dëst Joer schon am Bus déi éischt Pätt genoss ginn. A sou konnt et midd, awer gutt gelaunt lass goe mat den ACEL Workshoppen. D'Uni Köln huet seng schéinste Raimlechkeeten zur Verfügung gestallt, a sou gouf an direkt véier Workshoppen Erfarungen ausgetosch an iwwert aktuell Themen diskutéiert. Nodeems d'Fiederwäisse Bidonen all eidel waren ass et weider an d'Mensa gaangen. Jidderee krut eppes net identifizéierbares op den Teller geheit an huet sech et gutt schmaache gelooss. Déi éischt Dëscher sinn an d'Luucht gaangen, a wéi gewinnt hun déi éischt Reklamatiounen net laang op sech waarde gelooss. Zur grousser Freed konnt d'Peschsträne vu gewëssene REELaner





awer gebrach ginn, an Dëscher sinn all ganz bliwwen. Erliichtert ass et deemno mam Bus weider op Bonn gaange fir de Rallye. D'Virgabe ware kloer: Nach e Rallye vu 14km wéi zu Kaiserslautern géifen d'REELaner net matmaachen. Dëst huet de Comité sech zu Häerz geholl, a sou ass et méi oder manner kuerz duerch Bonn iwwer eenzel Statioune gaangen, wou erfreelecherweis och d'Wieder mat gespillt huet. Auserhéngert koumen d'Gruppen dann no an no am Restaurant un. Den Alkohol- an de Lautstäerktepegel si kontinuéierlech geklommen, a sou huet et net laang gedauert bis déi éischt Lidder ugestëmmt goufen. Pefferfliger war gëschter, de Pefferloftballon war gebuer. Manner witzeg huet dat alles awer de Restaurant fonnt, a sou war op eemol de Krunn zou. Gezwongenermoossen ass et dunn weider an de Club gaangen. Gin Tonic a Campari Orange sinn bei de Studenten nach ëmmer um Virmarsch a goufen deemno fläisseg consomméiert. Verschiddene Léit waren déi wuel net sou gutt bekomm, a sou sollten si um eegene Läif spieren, dat Gelänneren do si fir sech unzehalen, an net fir erofzerutschen. Mee e bësse Verloscht ass ëmmer, fir all déi aner REELaner ass et monter weidergaange bis an de fréie Moien eran.

Traditionell sollt et da Freides mat méi oder manner interessante Visitte weidergoen. Ëmmerhi konnte schlussendlech 2/3 vun de Visitte bis zum Enn duerchgefouert ginn. Hei ass virun allem d'Visite vun de Ford-Werke ervirzehiewen, wou Stickeren duergaange sinn, fir wéinst Saachbeschiedegung héichkanteg erauszefléien. D'Enttäuschung hat sech awer séier rem geluecht, nodeems bekannt ginn ass, datt sech déi Oochener der Saach ugeholl haten, e REEL's Lidd ze komponéieren. Grousst Onverständnis war entstanen, wéi eraus komm ass, datt de REEL-Comité selwer et net fäerdeg bruecht hat, d'Lidd C12 ze komponéieren. Vum Stuntman bis zur Entjongferung war an dësem Text alles gebueden, sou dat dem sangen och näischt mei am Wee stoung. No gudde Gromperekichelcher an enger super Vue op de Rhäin beim Mëttegiessen ass et du weider bei d'Partnervirträg gaangen. Op e Néits konnt d'Uni Köln mat architektonesche Meeschterwierker iwwerzeegen déi se der REEL och gär zu Verfügung gestallt hunn. Leider gouf awer hei vergiess, an de néidege Soundsystem ze investéieren, a sou war et en schwéiere Start an d'Virträg, wat awer séier rem vergiess war. Ganz vill Partner haten de Wee op Köln fonnt a kruten d'Méiglechkeet gebueden, mat de Studente während engem Walking Dinnera Kontaktze kommen. Schliisslech ass et du weider an de Club gaangen, wou ob e Néits bis an de fréie Moie geféiert gouf. Och dësen Owend war awer net jidderengem gutt bekomm, a sou huet d'REEL rem e puer Participante missten hannert sech loossen. Deementspriechend midd hun nach e puer Léit Samschdes Moies ausgesinn, déi scho Problemerhaten,






d'Krawatte richteg ze bannen. Am Bus fir op Bonn ass dunn eng éischte Kéier un d'Liicht komm, datt verschidde Leit Dusch an Toilette matenee verwiesselt haten. Zu Bonn ukomm huet den Här Minister Schmit dann d'Wuert un d'Studente geriicht an iwwert den digitale Wandel um Aarbechtsmarché geschwat. Net ze kuerz komm sinn dobäi awer och d'Fuerderunge vun der ACEL, déi si an hirem Avis zur Rifkin-Etüd, esou wéi och am Dossier vun de Stagen zu Lëtzebuerg gemaach hat. Esou hunn dann och déi meescht Léit probéiert, waakreg ze bleiwen an nozelauschteren. De Wiedergott hat et gutt mat de REELaner gemengt, a sou konnt de Buffet bei guddem Wieder op der Terrass direkt beim Rhäin genoss ginn. No an no haten sech dann och d'Invitéë fir d'Table Ronde afonnt, esou datt näischt mei am Wee stoung fir iwwert d'Verhältnis tëscht dem Patron an dem Student ze diskutéieren. Ageluede waren do den Héichschoulminister Marc Hansen, D'Isabelle Schlesser vun der ADEM, de Marco Wagener vum CES, den Tom Baumert vum HoE an de Charel Muller vun der ACEL. Moderéiert gouf d'Diskussioun vum Pit Everling vum RTL. Eng ganz interessant Diskussioun ass entstanen, a sou war d'Schlofquot am Verglach zu anere REELen relativ geréng.



Zum Schluss war et da just nach d'Madame am roude Mantel, déi net aus dem Déifschlof ze huele war. Uschléissend sollt et dann direkt rem zréck op Köln goen, well mam Premierminister hat sech héije Besuch ugekënnegt. Dësen hat



awer leider e bësse Verspéidung. Vu datt de Buschauffer sech awer net als Taxichauffer wollt ofstempele loossen, stoungen d'REELaner op eemol virum Dom an hu missten Zäit erëm kréien. Deemno gouf d'ganz Lidderbuch duerchgesongen, an d'Publikum ëmmer mei grouss. Schlussendlech hat de Premierminister Xavier Bettel de Wee bis bei eis fonnt, an huet am Restaurant mat de Studenten ugestouss an e puer Wieder u si geriicht. Grad aus Amerika zréck komm huet säi Jetlag et awer net zougelooss, de Studente beim Owesiesse Gesellschaft ze leeschten. Dat huet d'Studenten awer net dovun ofgehalen, sech d'Iessen an de Wäi gutt schmaachen ze loossen. Wéi och déi lescht Joren huet d'Band Zero Point Five uschléissend fir déi néideg Stëmmung bei de Studente gesuergt. Gutt gelaunt ass et du mam Bus zeréck bei den Hostel gaangen, wou d'REELaner hir Onzefriddenheet géigeniwwer dem Buschauffer konnte verlauden, dee wuel spéitstens dunn bereit huet, keen Taxichauffer wollten ze sinn. Fir vill REELaner war et awer nach net Zäit fir an d'Bett, a sou ass et du nach weider an d'Kölner Nuetsliewe gaangen.

Scho war de leschten Daach vun der REEL ugebrach. Op e Néits ass d'Gerücht ronderëm gaangen, datt verschidde Léit net wousste wat eng Toilette war. Bei engem Brunch zu Brühl gouf sech deemno als Missioun gesat, de schëllegen heifir ze sichen a verschidde Léit fir hiren Décomportement ze bestrofen. Et ass deemno séier e Sondage ronderëm gaangen, an et huet geschéngt wéi wann den Thon d'Renne géif fir sech entscheeden. Séier gouf hien dann dunn am Bus schon un de Pranger gestallt. D'Léit hun sech dunn missten

tëscht Schwämm a Wäiwanderung entscheeden. Bei dem Wieder war séier kloer datt d'Wäinwanderung de richtege Choix war, a spéitstens nodeems mir vun eiser sympathescher Guide Ursula empfaange goufe war dëst kloer. D'Ursula huet deemno alles, wat si iwwert Wäi wousst (an dat war net vill) un d'Studente weider ginn, an hatt dobäi och richteg Freed. D'Studenten haten datt dann och esou wäit appreciéiert, datt se him dat eent oder anert Lidd komponéiert hunn. Uewen an der Hütt sollt dunn de leschten Owend vun der REEL stattfannen. Bei Ham, Fritten an Zalot hunn d'Studenten dunn nach eemol déi lescht Fläschen eidel gemaach. No e puer Danksagungen an dem Verlaude vun de Wahlen zur Miss&Mister REEL, krut dunn och den Thon säi verdéngten Titel. Leider hat d'Miss onbeléift, wat sech just ganz knapp géint seng 2 Kontrahente konnt duerchsetzen, d'REEL zu dësem Zäitpunkt scho verlooss. Schliisslech huet d'Band Toxkäpp dann zum Ofschloss nach eng Kéier fir déi néideg Stëmmung gesuergt, ier d'REELaner gutt midd de Wee zréck op Lëtzebuerg ugetruede sinn.






Esou war dann och déi 33. Editioun vun der REEL e groussen Erfolleg. Et schéngt, wéi wann d'Preparatioune fir déi 34. Editioun schonns op Héichtoure lafen. A sou wäert et dann och erëm méi séier goe wéi e mengt, bis et da rem heescht 4 Deeg dat stressegt Studenteliewen hannert sech ze loossen, an zesumme mat 120 aner Studenten déi nächst Stad onsécher ze maachen!

# REEL LIDD - VIVA KOBO

REEL: 2017
Weis: Viva Colonia
Text: Billie Schaack, Annick Hoffmann an Steve Maller



Mir si Lëtzebuerger, an all Joers rem um Dill.
Mir fuere rem op d'REEL a saufen do ganz vill.
Dest Joer ass et Köln a Bonn bei eis ass emmer eng lass,
mir schedden de nexten Dikrecher an d'Strass, lo gett et Krass.

Do si mer derbäi bei 20 Grad a Sonn,
d'REEL zu Köln a Bonn.
Mir drenken, mir feiren an dat bis speit an d'Nuecht.
A wa mer dann ze voll sinn da gett'sch an d'Bett geluecht.

Wann mir den Desch an d'Luut man versti si guer kee Spaass.
Mee eis ass dat schaiss egal mir gi lo weider Gas
D'Beierdecklen fléihen, de Peffer gett gestreet.
Hei beim Rhein do hu mir ganz vill Freed, da wesst der Bescheed.

Do si mer derbäi bei 20 Grad a Sonn,
d'REEL zu Köln a Bonn.
Mir drenken, mir feiren an dat bis speit an d'Nuecht.
A wa mer dann ze voll sinn da gett'sch an d'Bett geluecht.

Freides bei de Visitten, do flitt sou muncher ee raus,
an de Fordwierker zu Köln an och am Schokolashaus.
Opmanst keng Buffetsreel dat ass scho guer net schlecht,
dofir si mir berouegt a ginn eis de Recht, eis ass schlecht.

Do si mer derbäi bei 20 Grad a Sonn,
d'REEL zu Köln a Bonn.
Mir drenken, mir feiren an dat bis speit an d'Nuecht.
A wa mer dann ze voll sinn da gett'sch an d'Bett geluecht.

Strait gouf et em de Presi, den Didi huet gewonn,
de Muller dee wollt Stuntman ginn et war him net gelong.
De Boes hat dei falsch Powerpoint an d'Schiltz war guer net frou,
Papp du goufs entjongfert ass dat sou? goung et well zou?

Do si mer derbäi bei 20 Grad a Sonn,
d'REEL zu Köln a Bonn.
Mir drenken, mir feiren an dat bis speit an d'Nuecht.
A wa mer dann ze voll sinn da gett'sch an d'Bett geluecht.

ACEL
de Studentevertrieder